# Reliéis, stéi dozou!

Et huet mech betraff gemaach, wéi staark datt d'Lobby vun den Atheisten an Agnostiker ass, datt se mat engem Bus uechter d'Land fueren, fir méi Memberen ze kréien. Oder sinn se awer net sou staark a mussen dofir mam Bus touren? Mir Chrëschte brauchen net mam Bus doruechter ze fueren. D'Kierche sinn op fir jiddwereen, deen d'Mass matfeiere wëll, dee gleeft oder Leit wëll treffen, déi grad esou denke wéi si.

Sécherlech hunn se liicht Spill, virun allem bei deene méi Jonken, virun allem, wann se sech net trauen zu hirer Iwwerzeegung ze stoen, well se fäerten, an der Minoritéit ze sinn, ausgelaacht a verspott ze ginn, wann se zouginn, u Gott a Jesus Christus ze gleewen. Och Christus selwer ass verspott ginn, huet dat alles iwwert sech ergoe gelooss. Vill anerer sinn a ginn haut och nach verfollegt, well se zu Gott stinn. Mee si erdroen dat a ginn hire Glawen net op. Wat ass dann, wann een eng Kéier komesch gekuckt gëtt oder ausgelaacht gëtt? Loosst se kucken, laacht mat hinne mat, et lount sech.

Jo, et ass net ëmmer einfach, sech haut zu sengem Glawen ze bekennen, mee war et dat je eng Kéier? Deen einfachste Wee ass net ëmmer dee richtegen. De Glawen mécht eis awer staark an et ass een net sou eleng, wéi een dat mengt, och als Jonken. Dat beweisen d'Weltjugenddeeg.

An Zäite vun Nout klëmmt den Undeel vun de Leit, déi op eng Kéier d'Bieden erëmentdecken, schlagaarteg. Da ginn ech dovun aus, datt déijéineg, och wann se dat a „gudden" Zäiten net wëllen zouginn, gleeweg sinn. (...)

Marc Schmitt, Canech